## Didd a schwéieren Zeiten 1939 - 1940

An Laf vun deene vergaangene Sendungen hate mir d'international Welt Situation bis an d' Joer 1939 eran analyséiert. Ronderem ons gekuckt, war an Deitschland den Hitler un der Muecht. No ~~an no hat hien Eesterreich~~ Nodeem d'Saarland erem Heim ins Reich kum, huet hien ~~no an no~~ och Eesterreich an dunn d'Sudeteland besat an Deitschland agegliedert. D' Alliéiert: Frankreich an England hun zwar ëmmer protestéiert mä dat huet den Hitler wéineg impressionnéiert an hien ass a sénger Expansiouns Politik roueg viru gefuer. Deitsch Generäl déi net mat dëser Politik d'accord waren, huet hien ofgesat an duerch aner déi him léiwer waren ersat. Vum Komedi bescheed de Tschechen an de Slowaken profitéiert den Hitler. Am März 1939 erklärt de slowakeschen Landtag d'Onofhängegkeet vun der Slowakei a stellt se ënnert de Schutz vun Deitschland. Böhmen a Mähren kommen ënnert d'Protektorat vun Deitschland an säng Truppen besetzen dës Gebidder ouni Widderstand. Ungarn annektéiert mam Accord vum Hitler d'Karpato-Ukräin. Domadde war d' Tschechoslowakei opgeléist ouni, dass eng vun den Westmächte agegraff hat an dat trotz dem Münchener Ofkommen. Allerdings erklärt d'englesch Regierung do ganz formell dass sie do keen agressiven Akt vum Reich géif akzeptéieren ouni aktiv ze reagéieren

Trotz dëser Warnung, an ënnert dem Schock vun der Opleesung vun der Tschechoslowakei trett Litauen d' Meemelgebitt un Deitschland wat dann och vun deitschen Truppen besat gëtt an Ostdeitschland agegliddert. D'Engländer reagéieren awer trotz allem net, obschon sie de Meemelstatut mat ënnerschriwwen haten. An Italien ass de Mussolini um Rudder. Och hien wëllt dem Kolleg Hitler no maachen an annektéiert Albanien.

Dem Hitler leit elo nach de Korridor um Mo. Also d'Landzong déi Ostdeitschland vum Reich trennt. Den Hitler versicht mat allerhand Tricken mat Polen eens ze ginn, mä Polen falen net op hien eran. An obschon et dem Hitler säi Plang war, nach net mat Polen a Russland ze kricken bis ~~de~~ den [illegible] Krich mat de westlechen Alliéierten eriwwer wär, ~~mä~~ verschlechtere sech diplomatesch

plötzlech eso wäit, datt hien eng Ursaach nicht fir a Polen anzefalen. E virgetäuschten Iwwerfall op den däitsche Sender Gleiwitz ass dann d'Ursaach fir den 1te September 1939 iwwerschreiden, ouni Kriichserklärung däitsch Truppen d'polnesch Grenzen.
Déi franséisch an englesch Regierungen fuerderen den Hitler ultimativ op seng Truppen erem direkt zeréck ze zéien. D'Reichsregierung kennt dëser Fuerderung net no an den 3te September ass et de Kriegszustand tëschent Deitschland, Frankräich an England.
Den 6te September fängt d'englesch Seeblockade géint Deitschland un.
De 17te September iwwerfällt dann och Russland ~~déi~~ ~~östlech~~ vum Osten hier Polen. De 27te Sept. kapituléiert Warschau an domadde ass de "Blitzkrich" mat Polen eriwwer.
Russland hëlt sech elo och Litauen an Deitschland d'polnesch Gebiet tëschent der Weichsel a westlechem Bug. Des 8ten Oktober kritt Deitschland déi vum Versailler Vertrag u Polen ofgetrueden Provinzen erem zeréck an dat wat dunn nach vu Pole Rescht bliwwen ass gëtt als Generalgouvernement deklaréiert. D'SS fängt gläich hir mierderesch Arbecht un. Alles wat an der ~~politeschen~~ polneschen politeschen a militäreschen Féierungsspëtzt war gëtt liquidéiert verschleeft oder einfach ëmbruecht. D'Juden erliewen dat selwecht Schicksal wéi an Deitschland.
De Gruddel vun der Iwwerliewlechkeet geschitt den 6ten Oktober wéi den Hitler e Friddensappell u Frankräich an England rifft fir dem Krich en Enn ze maachen, wa sie géifen ~~déi wéi~~ ~~se elo~~ d'Grenzen am Osten eso unerkennen wéi sie elo wären. Dëst gëtt natierlech vu béide Länner ofgeleent.
Bei eis am Land hun d'Leit schon zenter Joren net méi drun gezweiwelt dass et erem eng Kéier zu engem Weltkrich géif kommen, mä si hun awer gehofft d'100 Joer Onofhängegkeet 1939 nach kennen a Fridde feieren.
Des Feieren koumen dann och mam Ufank vun Joer lues a lues neckelt Land ufänken.
D'Fuesend gouf ~~do~~ zu Diddeleng genau wéi an de Joere virdrun zu Diddeleng hapsächlech an den Danzsäll gefeiert. Wärend Fuessonndeg knapp eng halef Dose Maskekaarte verkaaft gouwen, war den Haaptdag Fuesméindeg ob deem sech ëmmerhin eng 300 verkleed hatten. Fuesdënschden war et ~~dann~~ schon erem méi roueg mat knapper 100 Verkleedenen.

Net vergiessen däerfe mir, dass am Kader vun den Onofhängegkeetsfeieren de 15. Mee 1939 d'Birenger Kirmes erëm nei agefouert gouf. An zwar no alem Gebrauch an an aler ~~bauer~~ bäuerlecher Kleedung.

Et sinn déi geréischte Schof am Hämmelsmarsch, gelech vun engem échten Hirt a bloer Schiff, virun der Bauerekapell duerch d'Strooss gezunn.

An der Birenger Strooss beim Haus Lutgen sinn d'Gemengeréid als Kirmesgäscht empfange ginn. Natierlech vu fein erausgemaachter Bauereknecht. Kirmes Gaaden sinn iwwerreecht ginn. Et waren dat Kranzkuchen, Ham a Brantwein.

Mat der Päerdskutsch a Leederween oder zu Fouss sinn d'Gescht op Bireng gefouert oder zu Fouss ukomm.

Bei dëser Geleeënheet gouf och d'Birenger Kirmes-Lidd komponéiert. Den Text war vum Jemp Hoffmann an d'Musek vum Jäng Eiffes.

An als Erënnerung den Text vun der 1ter Strof an de Refrain:

**1.**

**All Joers em Eroffersdâg**
**Ass Kirmes hei zu Bireng,**
**Op bède Seite vun der Bâch,**
**Zu Baltzeng an zu Bireng.**
**Vun Didd'leng a vu Butscheburg**
**Könnt alles eis besichen,**
**Well jidderé kennt durch an durch**
**Eis èschtlech Kirmeskichen.**

**Refrain**

**Um He'l do séngt e säft'ge Brôd**
**An Ditzen an a Kempen.**
**Hott fand der hei a jidder Stôt**
**Eng Hâm am Döppen dempen.**
**Zu E're vun de friéme Gäscht**
**Di mär eis Pâne bâken,**
**Vu Kuch an Hâm kritt där dat bescht**
**A Sténges we' a Jâken.**

Vum 29. Juli bis den 6 August 1939 sinn ~~dei~~ zu Diddeleng dei gross Onofhängegkeets Feieren.
Am Stadthaus ass eng grouss historesch a folkloristesch Ausstellung
Op der Stadthausplaz, als Freilichttheater ~~g~~ agericht, gett ~~de~~ de Rossbayard vum Jemp Hoffmann opgefouert.
Concert'en sin op verschidde Plazen, an dann de grousse historeschen a folkloristeschen Cortège. Genuch (ginn) Fotoen fend een iwerall vun desem gudgelongenen Emzuch.
Besonnesch d'Jugend vun deemols huet bei dese Feierlechkeeten wichteg matgeholleff a matgemaat. Deemols konnt nach keen vun desen 13 bis 19 Jähregen sech virstellen, dass sie an 3 Joer zwangsrekrutéiert goufen, vu diktatoreschen Ennerdréckeren, dei ons Land iwerfall hutten. Dei ons Freiheet an Onofhängegkeet mat Féiss getrëppelt hun.
A vill vun dese jonke Borschen dei op dese Fotoen mat strahlende Gesichter ~~op~~ (vun) hiren Cortèg Noon erop gelecht, ~~hun~~ (hu) schon 4 Joer mé speed an enger verhassten Uniform, a Russland hirt Liewe misse lossen.
Den 10ten August gouw als Erënnerung, an der Lee de "Freiheetsbaam" geplanzt.
Mä dei deitschen Wollecken um Himmel loossen d'Leit awer net zefridden an och ons Responsabel a Stad a Land meche sech Suergen.
Op Arbed Diddeleng ginn 37 Luftschutzräum ~~f~~ fir 1700 Män agericht. Dës ginn nach zosätzlech duerch esougenannte Schutzplatzen aus Spezialbeton ergänzt. Iwerall gi Verdunklungsanlagen agericht. Den ~~[illegible]~~ Haapt Sanitätsraum gett an e splitter a gassécheren Raum am Keller installéiert.
D'Gemengenautoritéiten erënneren d'Leit drun dass e gréssere Quantum Sand zu Verfügung steet fir d'Brandbekämpfung bei Fliegerugreff. D'Leit solle sech dese Sand gratis bestellen an doheem bereet stellen. Op der Gemeng ass eng Beroddungsplaz agericht fir de Leit ze erklären wé se sech solle verhalen a wat se solle machen bei eso Fliegerugreff.
Esouguer Cour'en gin ofgehaalen fir Helleff Sanitätsmannschaften auszebilden fir eben dese passive Luftschutz. Och Meederchen a Fraen solle sech fir des Ausbildung mellen.
Den 1 September ass dann den deitschen Iwerfall op Polen an den 3te September de Kriegszoustand mat Frankreich an England

mir zu Lëtzebuerg an och zu Diddeleng spieren nach net vill vun deenen Ereignesser. V
Mir ous Schmelzarbechter wissen méi ze erzielen. Bis Enn August ass op der Schmelz alles einigermossen normal gelaaf. Mä ~~dunn~~ no an no gouw eh schon e fillbare Mangel u Kock an ëm Héichuewen huch missen zugesat gin. Wéi dunn den 3te September de Krich nach Frankreich, England an Deitschland ausgebrach ass an d'Arbed Häre Kriiksauseranersetzungen hei ob der Grenz erwart ass ~~eninegiert~~ deschleicht gin d'Schmelz zouze machen. Vierbereedungen gin och gehaff, d'Héichuewen gedämpft. Mä komescher Weis dro kuerzester Zeit gett des Décisioun erem opgehuewen an d'Schmelz fänkt erem voll unzeschaffen. Den deitsch Kock kent ~~nach~~ man schiff op Miwerfen a vun doerof nach der Brunn. Dese Wé hält awer um Enn 1939 of an ew krëtt Schmelz nemmen nach belschen an hollänesche Kock.
Direckt op der fransicher Grenz hält och Frouw Kraemer zu Wuermereng op mat Schaffen. Bei onse Gemengenautoritéiten ass grousen Alarm, well Diddeleng jo direckt un der Grenz leit, misst et normalerweis ~~Krich~~ Frontgebiet. Eng Evakuéierung ass demno notwendeg an ass ohni Zeit ze verléieren, firzebereeden. Schon de 7ten September krut all Diddelenger Stod vun der Gemeng e Formular geschéckt a wat schon innerhalb 5 Deeg un de Luftschutzdienst zeréck ze schécke wier. ~~An dessen Fan~~ Dese Formular erklärt wéi Diddeleng ze raume wier a wéi seng Bewunner an d'nördlech Landgegenden ze transportéiere wären.
D'Schmelz willt sech och der Krichsleg upassen a rekommandéiert den Arbechter déi d'Méglechkeet hätten sech eng aner Arbecht méi am Norde vum Land ze sichen. Fir déi Zäit kruten des Leit ontequellenen Congé an nom Krich géive sie erem op der Schmelz agestallt gin.
34 53 87 Déi kleng Kanner, ~~Ae~~ déi nach net an d'Schoul gin, kréien eng speziel Identitéitskaart déi sie sollen an engem dichten Convert em den Hals dren. Dest am Fall wo sie verluer gingen. All aner Personnen hun oder kréien och Ausweisdokumenter.
Reichsdeitsch Familjen héieren de Ruff vum lieven Führer an zirka 30 Familjen déi zu Diddeleng wunnen verloossen Diddeleng a gin meeschtens an d'Hermann Göring Werke zu Hannover schaffen.
Aner Deitscher déi hei wunnen, sin iwwerzeegt vun der Nazi Féierung an Deitschland.

Kéi Wonner och mat all de Succès'en déi den Hitler bis elo op internationalem Plang hat. Sie organiséieren sech, hale Versammlungen of a begréissen sech mat "Heil Hitler".
Eso koum et dann och zu enger Klopperei tëschend Lëtzebuerger an desen Nazien a wou e Lëtzebuerger nawell schwéier verletzt gouw. Gendarmerie an d'Geriicht hu missen intervenéieren.
Wat der Diddelenger awer am meeschten erschreckt huet dat war wé am Oktober Grenznoperschaft Zoufftgen, Kanfen a Wuermereng geraumt an evakuéiert gouwen. Hei huet elo franséischt Militär sech mat de Hues der widder an Bannendreun Maginot Linn. Vierwëtzeger sin dann och bis op d'Grenz spazéiere gaangen a speziell ~~an de~~ a Richtung Zoufftgen respektiv an de Zoufftgerwald. Fir elo diplomatesch Komplikatiounen ze évitéieren huet d'Gemengeverwaltung ~~d'Leit~~ Spazéiergänger gebieden a gewarnt sech méi déi aner Säit vun den Zuchgleiser Betebuerg Diddelenger ze goen genau wéi de Kräizbierg erop op de Ruedebierg an erem erop an de Greisendall.
Fir dass dann och Diddelerer gutt gesait wou d'Lëtzebuerger Grenz ass an dat speziell aus der Luft léisst de Staat all 5 km laanscht Grenz gud sichtbar méi Betonsbléck ~~wor~~ a Form vun enger grousser L opriichten.
Et gin och weider Luftschutzbunkeren opgeriicht. Ënner anerem am Brill, op Tatteberg an op der Schlackenhalen. Am ganzen stungen zu Diddeleng 35 dëser Ënnerstänn fir d'Awunner.
No engem groussherzoglechen Arrêté ~~awer~~ vum November 1939 mussen all Grenzgemengen sougenannte "Biergerwiechen" opzestellen. Drei Mann pro 1000 Awunner. Zu Diddeleng melle
8708 2562 1146 sech 20 Männer. Hir Déngschtzäit ass vun Owends 10 Auer bis Mueres 4 Auer. Als Erkennungszeechen hu sie eng Armbind wo "Garde civique" drop steet.
D'Luftschutz Kommissioun huet och Lëschten opgestallt a wat fir Dierfer an Land Diddelenger Awunner sollen evakuéiert gin. ~~De~~
Frankreich a Belgien mobiliséieren a domadde mussen och Schmelzarbechter déi der Nationalitéit hun hir Arbecht opgin an heem fueren fir do bei d'Militär agezunn ze gin.
Vun franséischer Säit, do wo Grenzuertschaften evakuéiert waren, a well Grenz iwwerdeckt zu gemaach war, kommen och keng Arbechter a Beamte méi schaffen. Duerch all dës Ofgäng fällt natierlech d'Belegschaft em ëng 150 Persounen erof.
Mam Ufank vum Joer 1940 huet ëmmer manner Krak an d'Produktioun muss och dem entsprech

gedrosselt gin.

Drôle de guerre ass voll am Gang. Op den deitsch a franséisch Grenzen leien hir Streitkräfte sech géint en iwer. Mä ~~bis elo~~ zenter dem 3te September 1939 bis elo Ufank 1940 as nach net vill geschitt. Och ons Regierung versicht sech der Kriibssituatioun unzepassen. Eso gett verbueden op de Stroossen, öffentleche Plazen oder aner Plazen sech "verlarvt, verkleed oder vermummt ze weisen. D'Maske Bäler sin och verbueden.

Douaniéen kréie Verstärkung duerch d'Zaldoten a Gendarmen. Des Grenzschutz leit mussen dann och am Dingscht Helmer ophuen. Fir dass een se ënnerscheed kun d'Zaldoten kakifarweg Helmer mat ronden Waffen an d'Gendarmen blo Helmer mat schwarzeschen Waffen. A fir dass de Feind se net kann mat de Franzosen verwiesselen ~~waren~~ ronderem de Rand vum Helm ~~et~~ e weiss Band als gudgemengten Neutralitéitszeechen.

Laanscht Musel hat ons Regierung op de Strossen Eisebetonsparten opgeriicht, déi sollten zugemaach gin an da kinn kéi Preis an d'Land. Fir awer ons Neutralitéit géint iwer allen Nopperen ze beweisen, as och zu Diddeleng am März 1940 eso eng Sperk opgeriicht gin. Des Stole Park tëschent schwéiere Betonsfeiler stung tëschent dem lëtzebuerger Zollbüro an der franséischer Grenz an der Wuerwerengestron

Am März ass am Stadhaus eng Ausstellung vun all Méiglechen Luftschutz Artikelen, Sirénen, Verdunklungsméiglechkeeten, Gasmasken a medezinesch Hellefsméiglechkeeten. Virum Stadhaus sin praktesch Demonstratiounen gemaat.

Et waren dest alles gud gemengten Schutzmossnahmen fir d'Bevölkerung, genau wéi d'Evakuéierungsvirbereedungen, wat sech awer beim Iwerfall den 10te Mee alles als iwerliewt an illusoresch erausgestallt huet.